PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

D'CNS huet am Joer 2022 ronn 1'037'000 Krankeschäiner traitéiert. Dat ass ee Plus vun 30% par Rapport zu 2021. Dës Zuel setzt sech aus den Accidents de travail, de Krankeschäiner wéinst Krankheet an de Krankeschäiner wéinst Covid-19 zesummen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang war den Duerchschnëttskrankeschäin an de leschte 6 Joer, opgelëscht pro Joer? (Eng Kéier jeeweils op Maladie, Maladie Covid-19 an Accident de travail opgedeelt an eng Kéier zesumme gezielt) ?
2. Wéi laang war den Duerchschnëttskrankeschäin an den éischte 6 Méint 2023? (Eng Kéier jeeweils op Maladie, Maladie Covid-19 an Accident de travail opgedeelt an eng Kéier zesumme gezielt)

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten